ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Op ville Plazen am Land ginn archeologesch Sondéierungen an Ausgruewunge vum CNRA ënnerholl, dacks am Kontext vun engem geplangte Bauprojet. Dat ass elo zënter iwwer 3 Joer och zu Mamer de Fall. Hei goufe vill bemierkenswäert Entdeckunge gemaach, beispillsweis d'Skelett vun engem Dromedar oder déi al Réimerstrooss a méi. Am Buedem um Tossebierg befënnt sech, ënner anerem, och nach en ale réimeschen Tempel. Laut den Archeologe gëtt ganz vill Intressantes fonnt a si ginn dovun aus, datt nach déi eng oder aner Iwwerraschung am Buedem waart.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Kulturminister gär folgend Froe stellen:

1. Huet d'Madamm Minister eventuell méi Informatiounen zu den aktuellen Ausgruewungen am Land, a ganz besonnesch zu Mamer?
2. Vill Leit, déi ronderëm wunnen, intresséiere sech dofir a wiere frou, fir méi Informatiounen ze kréien. Anerer fueren all Dag do laanscht a wëssen iwwerhaapt net, firwat do am Buedem gegruewe gëtt. Wier et net méiglech, duerch grouss Panneauen, op déi archeologesch Ausgruewungen opmierksam ze maachen an den intresséierte Bierger, op der Plaz, Informatiounen ze ginn, z.B. iwwert de Wee vun Informatiounstafelen?
3. Ass geplangt, gewëssen Deeler vum réimesche Vicus vu Mamer, wéi z.B. d'Réimerstrooss, ze erhalen an ëffentlech zougänglech ze maachen?
4. Steet de Ministère, a Bezuch op d'Ausgruewungen zu Mamer, am reegelméissege Kontakt mat der Mamer Gemeng? Gëtt d'Gemeng iwwert d'Resultater vun den Ausgruewunge reegelméisseg informéiert?

5. Wéi ass allgemeng, iwwert déi lescht Jore gesinn, d'Reaktioun vun de Gemengeverantwortlechen am Land, wann esou Ausgruewungen an interessant Entdeckunge gemaach ginn? Sinn d'Gemenge gewëllt, déi ausgegruewe Stécker auszestellen an Deeler vun de Bauten ze erhalen an zougänglech ze maachen? Oder sinn si éischter besuergt, datt duerch d'Ausgruewungen e geplangte Bauprojet net virugeet?
6. Gesäit d'Madamm Minister nieft dem historeschen a kulturelle Wäert vun den Ausgruewungen zu Mamer en eventuellt touristescht Potential op där Plaz?
7. D'Iddi fir zu Mamer en „archeologesche Park" anzeriichten, kéint vum pedagogesche Punkt hier interessant sinn, besonnesch well op dëser Plaz d'Mamer Schoul ass, de Mamer Lycée an och d'Europaschoul, mat dausende vu Schüler. Wéi steet d'Madamm Minister zu dëser Iddi?
8. Gëtt et eng Zesummenaarbecht tëscht dem Ministère an de lokale Schoulen, fir eventuell mat de Klassen esou Ausgruewungen ze besichen? Wier et méiglech, datt de Ministère reegelméisseg Féierungen op der Plaz organiséiert, fir d'Schoulklassen an och fir déi intresséiert Bierger?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten